ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

**N° 4286**
Reçue le 17.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.05.2021

Här Fernand Etgen

President vun der

Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d' Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Kulturkämpfe" deen an der Revue Nummer 18 2021 publizéiert gouf, gëtt de Probleem vun der sougenannter "Raubkunst" diskutéiert. Och Lëtzebuerg war an der Vergaangenheet vun dësem Probleem, datt Konschtgéigestänn gewaltsam geklaut an an d'Ausland verbruecht goufen, betraff. Dat notamment ënnert der franséischer Besatzung wärend de Joeren 1794 bis 1814.

Duerfir géif ech da Madamm Kulturminister gär des Fro stellen:

1) Verfüügt d'Regierung iwwert en Inventaire, wéi eng Konschtgéigestänn wärend de Joere 1793 bis 1814 vum Terrain vum aktuelle Lëtzebuerger Staat an d'Ausland bruecht goufen a wiem se aktuell gehéieren?
2) Verfüügt d'Regierung iwwert e Inventaire, wéi eng Reluiquien a konschtänlech Géigestänn am Besëtz vun der Kierch (Kellecher, verzierte Kräizer...) wärend de Joere 1793 bis 1814 vum Terrain vum aktuelle Lëtzebuerger Staat an d'Ausland bruecht goufen a wiem se aktuell gehéieren?
3) Steet d'Regierung am Austausch mat de franséischen Autoritéiten fir d'Réckféierung vun dëse Géigestänn ze verhandelen?
4) Falls net, firwat net? Ass d' Kreatioun vu sou engem Inventaire virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 24 JUIN 2021

Réf. : 838xf5362

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4286 du 17 mai 2021 de Monsieur le Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 4286 du 17 mai 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de l'art spolié avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 4286

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 4286 vum 17. Mee 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

D'Regierung verfüügt net iwwert en Inventaire wéi eng Konschtgéigestänn oder Reliquie wärend de Jore 1793 bis 1814 vum Terrain vum aktuelle Lëtzebuerger Staat deplacéiert goufen an ass och net am Austausch mat de franséischen Autoritéite fir d'Réckféierung vun esou Géigestänn ze verhandelen. Esou Bestriewunge sinn och net virgesinn, a stéingen am Kontrast zum juristeschen an historesche Kontext aus deem de Lëtzebuerger Staat, deen et zum uewegenannten Zäitpunkt nach net ginn ass, entstanen ass.